

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro 3102 iwwert de Rekrutement vu Personal am Kultur- a Begéinunzcenter Neimënster seet den Här Minister dëst:

"Lëtzebuergesch stellt fir Neimënster eng Prioritéit duer, an der Programmation an an der Ausféierung. Den Etablissement public leet ganz grouss Wäert op d'Kommunikation an der Lëtzebuerger Sprooch a beméit sech, konsequent d'Lëtzebuerger Bierger a Biergerinnen an hirer Nationalsprooch ze erreechen."

Um Spaweck (www.neimunster.lu) ginn d'Informatiounen nëmmen op Franséisch an op Englesch ugebueden. Déi aktuell Nummer vum "de gudde Grond" (Nummer 36), eng Broschüre vun net manner wéi 131 Säiten, huet knapp 4 ganz kleng Artikelen (Beschreiwunge vu Manifestatiounen) op Lëtzebuergesch. Och bei der Programmation ginn et nëmme ganz wéineg Manifestatiounen op Lëtzebuergesch.

Dowéinst wéilt ech dem Här Kulturminister dës Froe stellen:

- 1) Op wéi eng Fakte berout dem Här Minister seng Ausso, Lëtzebuergesch géif fir Neimënster eng Prioritéit duerstellen?*
- 2) Besteet d'Bereetschaft, d'Präsenz vun der Abtei Neimënster um Spaweck (Internetsite, Facebook Säit, ...) op Lëtzebuergesch ze verstärken, respektiv mat Franséisch an Englesch gläichzesetzen? Wa jo, a wéi engem Delai?*
- 3) Besteet d'Bereetschaft, der Lëtzebuerger Sprooch an de Broschüren, besonnesch an de Nummere vum "de gudde Grond", op d'mannst déi selwecht Plaz ze gi wéi aner Sproochen? Wa jo, mécht dës Bereetschaft sech schonn an der nächster Nummer vum "de gudde Grond" bemierkbar?*
- 4) Besteet d'Bereetschaft, fir am Kulturzenter Manifestatiounen a Lëtzebuerger Sprooch, an därer déi sech op Lëtzebuerg bezéien, eng vill méi grouss Plaz ze ginn?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser
Deputéierten




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le

28 JUIL. 2017

Réf. : 81exb38e8



Le Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Réponse de Monsieur le Ministre de la Culture à la question parlementaire no 3146 du 19 juillet 2017 de l'Honorable Député Fernand Kartheiser au sujet des langues utilisées par le Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster (CCRA)

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire no 3146 du 19 juillet 2017 de l'Honorable Député Fernand Kartheiser au sujet des langues utilisées par le Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Le Ministre de la Culture,

Xavier Bettel

Annexe : réponse à la QP no 3146

Äntwert vum Här Kulturminister op déi parlamentaresch Ufro Nr. 3146 vum 19. Juli 2017 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser iwwer de Gebrauch vun der Lëtzebuenger Sprooch an Neimënster

De Kulturzentrum Neimënster programméiert Theaterstécker op Lëtzebuergesch an organiséiert eng Varietéit vun Evenementer, wou d'Lëtzebuergesch eng zentral Roll spillt: Cabaretsowender, d'Lidderfouer, Poesieowender mat Lëtzebuenger Interventiounen, d'Aarbechtsfest, den „Science Festival“, den Internationale Fraendag, d'Pandafest, spezifesch Konferenzen asw.

An der Kommunikatioun vun Neimënster ass d'Lëtzebuenger Sprooch eng Prioritéit. De Kommunikatiounsservice vun Neimënster an d'Direktioun beméie sech, konsequent Introductiounen an Interviewen op Lëtzebuergesch ze maachen. Jee no Medium gëtt d'Kommunikatioun vun Neimënster awer adaptéiert. Et ass net geplangt, d'Internetsäit op Lëtzebuergesch ze maachen, well déi Säit sech un all Publikumsgruppe rücht an de lëtzebuergesche Publikum normalerweis zwou bis dräi Sproocher fléissend beherrscht. An der Analys vum „Klickverhalten“ an de soziale Medien ass ausserdeem festgestallt ginn, datt déi héchste Visibilitéit bei engleschen a fransésische Posts erreecht gëtt. Neimënster besteet op d'Méiglechkeet, fir verschidde Meldungen op Lëtzebuergesch ze kommunizéieren, wann et am Sënn vun der Saach ass.

D'Haaptsprooch vun „de gudde Grond“ bleift Franséisch, fir esou vill wéi méiglech Publikumsgruppen a Communautéiten ze erreechen. Jee no Veranstaltung kann den Haapttext op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Englesch gehale ginn, zesumme mat enger Iwwersetzung op Franséisch.

D'Lëtzebuenger Konscht huet an Neimënster eng wichteg Plaz am Dialog mat anere Kulturen – sou wéi et am Gesetz vum Kulturzentrum virgesinn ass. Lëtzebuergesch Kënschtler a Kënschtlerinne ginn am Kader vun den Apero-Jazz-Concerten, a Kënschtleratelieren, der Serie "Tremplins" oder an eegene Produktiounen vun Neimënster virgestallt.

Doriwwer eraus schafft Neimënster mat ville Veräiner an Instituter zesummen. Neimënster ass souwuel eng Plaz fir Amateurkonscht wéi och fir professionell Kulturproduktiounen, wouvun der vill sech op Lëtzebuerg bezéien. Déi genotzte Sprooch hänkt vum jeeweilege Kënschtler oder Organisateur of. Et bleift ëmmer eng artistesch Decisioun, wat fir eng Sprooch de Lëtzebuenger Kënschtler notzt – dat gehéiert zu senger artistescher Fräiheet. An der visueller Konscht, am Danz- oder Museksberäich kënnt de Gebrauch vun der geschwatener Sprooch net onbedéngt zum Ausdrock, gëtt awer am Virfeld genotzt.

D'Fräiheet vum Sproochchoix ass am Interêt vun engem fräien an interkulturellen Dialog. Et ass dofir net virgesinn, de Gebrauch vu ville verschiddene Sproocher ze regelen oder nei ze orientéieren.